# De' gezrasse Box.

*D'Marie:* (de' élst Seschter stêt an der Stuff virun engem Ko'p Gezei, eng gezrasse Box an der Hand a reselt de Kapp.) Kuckt iech emol de' Seibècken hei un! (rifft) Hè Mill! Komm emol hir! (fir sech) Dé wèrd elo emol de Kapp gewäsch kre'en.

*Mill:* (e Bo'f vun 8 Joer kent eragestîrmt) Hei ass de Mill ... ionär.

*Marie:* (kropt em eng) Do, fir unzefänken!

*Mill:* (krâtzt sech) A fir opzehalen? Merci! Huos du dèr nach? (Wöllt erem un.)

*Marie:* Oho, Stippchen! Eng Grimmel me' hêmlech! Heihin! Net gemuxt! Elo get emol Gendârm gespillt.

*Mill:* Aha! Ech si Brigardchen, an du ges gebonn, hé!

*Marie:* Grad emgedre't, we' des Boxentäsch. So, wiem seng Box ass dat?

*Mill:* (Mat engem domme Gesîcht) Ma meng!

*Marie:* Dann do huos du se! (Schle't em s'em d'O'ren.)

*Mill:* (Stecht d'Hänn an d'Täsch a stèllt sech a Positur.) Ma so emol, wat erlabst du dir? Kuck der dé Mann hei un! Nach ê Wûrt an du huos d'Fläsch am Gesîcht!

*Marie:* Hei, de Milli — o Hèr! Wien huot de' Box hei gezrass?

*Mill:* Muss du dat wössen?

*Marie:* Jo, ech muss et wössen!

*Mill:* Ma da wöll ech dir et rîcht an d'Gesîcht soen, dass d'Stoff kên halwe Sou wèrt war.

*Marie:* Ech hun dech dat net gefrot. Kuck dat Lach.

*Mill:* Meija, dat ass e Lach! Ma mèngst du, wann ên am Stupp vun engem Ascht hänke bliw, dat wär kamo't?

*Marie:* Aha! Du bass nammel op d'Bém geklotert! Lôss der d'O're lâng wuossen, an d'Néi un de Fangeren, iéss Echelen a Buchâker, dann ass de Kawèchelche fèrdeg.

*Mill:* Domme Still! Du muss dech jo upâcken, wanns du d'Trâp opgês. Hal du dach vum Klamme stöl!

*Marie:* An du och! Wêss d'et nach ,we's du d'Nuos geschant hâs, we's d'ennert dem Kîschtebam ze jipse lo'gs.

*Mill:* Du huos ower d'Kîschte giéss, de' ech gepleckt hat. Da gef de' och erem.

*Marie:* Ech gin der de' Fatz hei, du Lompekre'mer! Kuck emol dé Rass hei, wo' ass dat geschitt?

*Mill:* Wo' soll ech dat nach wössen. Mèngs du ech hätt e Regöschter, fir all Ke'er dran ze schreiwen wann ech e Rass an d'Box kre'en. Et mèngt ên iwerhapt, dat wär eng ongeheier Arbecht, eso' eng ârmse'leg Box ze flecken. —

*Marie:* Eng ârmse'leg Box! Do huos de recht! Hei hängt eng Fatz, do e Steck, hei könnt eng Kâtz derdurech schlaufen do könnten d'Meis Fänkches spillen. Kê Knapp ass me' drun.

*Mill:* De' hun ech verspillt.

*Marie:* O hätte mer dech och gutt verspillt, mer ge'fen we'negstens Zwir genug spuoren.

*Mill:* Mareichen, elo ass et dés Geso'ers grat genug. Gef hir, ech flecke mer meng Box sèlwer! Du brauchs mir iwerhapt neischt me' ze flecken! Hopp gef! En aner misst sech geschwönn an eng gliése Kescht setzen, de Fanger an de Mond huolen a mat den Ze'we spillen. Ech kann och nach e Knapp ubitzen an e Lach zoze'hen!

*Marie:* Do, mei Jong, mat der gre'sster Plese'er.

*Mill:* Nu breng mer hir wat ech brauch. (Setzt sech op den Desch, d'Bên iwerenên.)

*Marie:* Do ass de Bitzkuorf. Ech wöll dé Spâss nun awer emol gesin.

*Mill:* Sich mer eng Nol.

*Marie:* Ma so emol — — (Et sicht eng.)

*Mill:* Zimlech eng lâng, ass et e'erbar Stech get.

*Marie:* Do.

*Mill:* Nu mâch mer och e Fuodem dran.

*Marie:* Ma so emol, wuor he'ers du? (Mecht de Fuodem an.)

*Mill:* Wuors du he'erst. Merci, mei Kand. Du bass och drei Dég sche'n! Da gef mer och e Fangerhutt.

*Marie:* So' èppes lieft ower net me'! —

*Mill:* Sot d'Fra, du so'tz se bei engem do'degen Hinkel.

Marie: Do ass de Fangerhutt!

*Mill:* (Dêt de Fangerhutt an den Daum.)

*Marie:* (Fängt hârt un ze lâchen.)

*Mill:* Wat félt dir?

*Marie:* De Fangerhutt am Daum! Am Daum! Sètz en op d'Nuos!

*Mill:* Ma duofir brauchs du net ze lâchen, ech hätt en och ne do stieche gelôss. (Stecht en an de klènge Fanger.)

*Marie:* (lâcht erem) Am klënge Fanger!

*Mill:* Wann et ne'rens geroden ass, dann do huos de dei Blechdöppchen erem, ech brauch kê Fangerhutt! (Werft de Fangerhutt an de Bitzkuorf. E fängt un ze bitzen.)

*Marie:* (schle't erem hârt un ze lâchen.) Mat der schlanker Hand!

*Mill:* Ma lôss mech dach emol ufänken. Do, ech kann och mat dèr aner. (Zitt eng Ke'er, 't ass kê Knuot am Fuodem, d'Marie lâcht.) Dommt Steck, dann hal mer we'negstens de Fuodem un, bis ech am Gâng sin, amplâtz ze lâche we' e Gèck!

*Marie:* Wârt, ech lafe bei de Schmatt eng Ho'fzâng siche fir unzepâcken.

*Mill:* Wat eng Frèchhêt. (Zitt virun.) Du geseis dach ass e net bleift.

*Marie:* Ma da mâch e Knuot dran, Schwob!

*Mill:* Aja! Do, mâch du mer dé Knuot.

*Marie:* Do, ass e schons fèrdeg.

*Mill:* Elo gêt et. (E bitzt a jeitzt ganz hârt, werft d'Box mat alles ewèg, ste'sst de Bitzkuorf erof, sprengt vum Desch erof, hält de Fanger un a jeitzt:) Au! Au! O Médchen, dat bass du an der Schold!

*Marie:* Weis! Weis!

*Mill:* Au! et blutt! De Fanger gêt aus! O Médchen! Elo huos d'et!

*Marie:* (spöttelt) Lach an der Box! Lach am Fanger! Schneiderlein pick! Schneiderlein pick!

*Mill:* (Lêft dem Marie em den Desch no.) Mâch mer dach èppes em dé Fanger, ech verbludde mech jo!

*Marie:* Wârt, ech lafen d'Pân sichen, fir d'Blutt opzefânken, dat gêt Mo'streipen.

*Mill:* Sief dach verstänneg. D'Hèrz ass mer an de Fanger gesprong, lauschter, we' klappt et.

*Marie:* (lauschtert) Wîrklech, da lôss mer eis hurteg fleissen, soss ob eng Ke'er ass et nach erausgesprong, an da lêfst du sche'n o'ne' Hèrz doremer. (Gêt of.)

*Mill:* Dat Bitzen ass dach eso eng Geschicht, ech hätt et net gemènkt. De' Fraleit mussen nawèll net eso' topeg sin.

*Marie:* (kent mat Wâsser a Verbandstoff) Da komm, Kawèchelchen, elo buode mer de Féngerchen, an dann eng Lömpchen drem, an dann sche'n zo'gebonn an d'Pöppchen ass fèrdeg.

*Mill:* Luos! luos! Dass de neischt beschiedegst! Ech wèrd dach kê kromme Fanger kre'en, Marie?

*Marie:* Kèng Angscht, mei Jong! Elo sin ech schons fèrdeg.

*Mill:* So der Mamm am Papp awer neischt, gèlt Maria, de' ge'fen de Gèck nach me' mat menger Schneiderei mâchen. A wês de wat: Elo bitzt du mer de' Box fein a nett an da ges de mir e Steck Kîschtentârt.

*Marie:* Da komm, mei Jong. Da kent dein Hèrz vleicht zur Ro' an deng Zong derzo' —.

*Mill:* So' eng Seschterchen ass dach èppes Feines.

